Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

NaturparkOUR







# "Méi net am Mee" am Naturpark Our

De "Méi net am Mee" ass eng Initiativ, bei der dozou opgeruff gëtt, Gréngflächen am Siidlungsraum am Mount Mee net ze méien. Dëst Joer huet sech och d'Gemeng Veianen dofir entscheet, aktiv dorun deelzehuelen a e puer Wisen am Mee net ze méien. D'Ziler vum "Méi net am Mee" sinn op eng méi naturschounend Fleeg vu Wisen ze sensibiliséieren an duerch d'Upassung vun de Méipraktike wichteg Liewensraim a Narungsquelle fir heemesch Déierenaarten ze schafen.



*Foto: Liz Hacken*

D'Ëmstellung vun de Méipraktiken dréit dozou bäi, dass méi eenheemesch Wëllblummen a -planzen op de Flächen opkommen a bléie kënnen. Wärend déi meescht Wëllbeien zum Beispill op eenheemesch Wëllblummen als Narungsquell ugewise sinn, well se den Nektar a Pollen aus gebittsfrieme Blummen net verwäerte kënnen, fillt sech den Igel op méi naturschounend gefleegte Wisen och besonnesch wuel.




De "Méi net am Mee" ass oppe fir jiddereen. Esou kënnen och Privatleit oder aner Organisatiounen dorun deelhuelen. E Sticker op der Bréifboîte, deen een op der Gemeng kritt, erlaabt et Deelhuelende sech z'identifizéieren an hir Ënnerstëtzung fir d'Thematik auszedrécken. Den Naturpark Our rifft och dozou op, Fotoe vun de net-geméite Wise mam Betreff "Méi net am Mee" un *insekten@naturpark-our.lu* ze schécken.

D'Initiativ ass an England ënnert dem Numm "No Mow May" entstanen an erfreet sech weltwäit u villen Deelhuelenden. Zu Lëtzebuerg gouf e vum Naturschutzsyndikat "SIAS" (Syndicat intercommunal à vocation multiple), deen am Süd-Oste vum Land aktiv ass, opgegraff an den Naturpark Our ass säit 2023 Partner.

Wichteg ze betounen ass, dass e méifräie Mee e gudden éischte Schrëtt a Richtung naturschounend Wisefleeg ass, et awer nach wichteg aner Krittäre ginn, déi heirënner a méi Detail beschriwwe sinn.

**Oftransport vum Gréngschnëtt.** Fir d'Opkomme vun de Wëllblummen ze fërderen, ass et wichteg, dass sech de Gréngschnëtt net op der Fläch zersetzt. Esou verhënnert een den domat zesummenhängenden Eintrag vun Närstoffer an de Buedem, wat de Wëllblummen ze Gutt kënnt, déi nämlech närstoffaarm Biedem léiwer hunn. Nom Schnatt sollt d'Gréngs idealerweis e puer Deeg op der Wiss verbleiwen, éier et oftransportéiert gëtt, fir dass sech de Som aus dem Gréngschnëtt op der Fläch verdeele kann. Wann de Gréngschnëtt leie gelooss gëtt fir sech ze zersetzen, ka sech och eng Filzschicht iwwert dem Buedem bilden, wouduerch Schied entsteet an duerch déi zwee-keimbliedereg Planzen (d.h. Wëllblummen; am Verglach zu den ee-keimbliederege Planzen, wéi Grieser) schlecht bis guer net duerchwuesse kënnen.

**Spéide Schnatt ("Fauchage tardif").** Fir d'Biodiversitéit ze fërderen, soll eng Wiss prinzipiell déi éischte Kéier am Joer eréischt no Mëtt Juni geméint ginn. Doduerch gëtt een de Wëllblummen d'Méiglechkeet ze bléien an auszesomen. Dëst garantéiert d'Kontinuitéit vun de Planzepopulatiounen, bitt eng Narungsquell fir Insekten a Villercher an erlaabt et de meeschten Insektelarve sech fäerdeg z'entwéckelen.


*Foto: Caroline Martin*

Ausnamsweis kann et sënnvoll sinn, eng Wiss am Abrëll ze méien. E Schnatt am Abrëll gëtt op Wise mat manner Planzendiversitéit agesat (z.B. vill Grieser), fir déi dominant Planze fréi an der Wuesstemsperiod ze schwächen, fir dass déi manner konkurrenzstaark Wëllbummen eng besser Chance hunn opzekommen.

**Gestaffelte Schnatt („Staffelmahd").** Am beschte Fall gëtt eng Fläch och net am Ganze geméint. Deeler vun enger Fläch zu verschiddenen Zäitpunkten ze méie fërdert d'Wëllplanzen- an d'Insektepopulatiounen op verschidde Manéieren (wéi och an der Tabell 1 duergestallt):

- *En eenzege Schnatt am Joer an der zweeter Hallschent vum Juni* reegt d'Wëllblummen dozou un, eng zweete Kéier an der Saison ze bléien. Duerch d'Vermeide vun engem zweete Schnatt nom

Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

NaturparkOUR

Summer ginn d'Insekte virum Iwwerwanteren net gestéiert, sou dass d'Chancë besser stinn, dass se de Wanter iwwerliewen; D'Opstelle vu kënstlechen Nisthilfe fir Insekten ass eng zousätzlech Méiglechkeet, fir hinne Liewensraum a Bréiplazen ze bidden (z.B. Wëllbeienhaisercher, Sandarien an Doudholzelementer).

- *En eenzege Schnatt am Joer an der zweeter Hallschent vum September* erlaabt et och den Insektelarven, déi méi laang fir hier Entwécklung brauchen, sech fäerdeg ze developpéieren (z.B. Heesprénger). Jee no Méimethod ginn dës Larve bei engem Schnatt am Juni bedeitend gestéiert oder souguer futti gemaach (z.B. duerch e Mulcher). Donieft ginn d'Planze bis September net gestéiert, wouduerch se d'Bléi- an Aussomphase komplett duerchlafe kënnen. Esou besteet bis an de September eran en Narungsangebot fir Bestëbser an d'Insekten, déi op de vegetativen Deel vun de Planzen, wéi Blieder a Stiller, dofir ugewise sinn.
- *Eng moer Wiss e ganzt Kalennerjoer guer net ze méien* (bis déi zweet Hallschent vum Juni vum doropfollgende Joer) fërdert d'Insektepopulatioun, an deem s et net nëmmen den Insektelarve méi Zäit gëtt sech z'entwéckelen, mee och Iwwerwanterungsméiglechkeete bitt (z.B. an den huele Stiller vun de Wëllblummen).
- *Eng Wiss am Juni an am September ze méie* fërdert d'Opkomme vu Wëllblummen, an deem s et dem Buedem am Géigesaz zu nëmmen engem Schnatt am Joer zousätzlech Närstoffer entzitt. Dofir ass et natierlech wichteg, dass de Gréngschnëtt net leie gelooss gëtt, sou dass e sech net op der Fläch zersetzt. Donieft ginn d'Wëllblumme duerch de Schnatt am Juni dozou ugereegt, eng zweete Kéier am Joer ze bléien. Zwee Mol am Joer ze méie gëtt an der Reegel bei manner aarteräiche Wisen agesat a sollt net groussflächeg an net all Joers appliziéiert ginn, fir d'Insekten net ze vill ze stéieren.

*Tabell 1.* Méizäitpunkter fir eng naturschounend Fleeg a Bewäertung op d'Virdeeler fir Wëllplanzen an Insekten

| | | **Virdeeler fir Wëllplanzen an Insekten** | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | *Wëllplanze-populatioune stäerken* | *Offer vu Fudder-quellen* | *Offer vun Iwwerwanterungs-méiglechkeeten* | *Larven-ent-wécklung* | *Ausmoerung vum Buedem* |
| **Méizäitpunkter an engem Joer** | *All 2 Wochen (ouni Oftransport vum Schnatt)* | -- | -- | -- | -- | -- |
| | *"Méi net am Mee" (ouni Oftransport vum Schnatt)* | - | + | -- | -- | -- |
| | *Zweet Hallschent Juni* | + | + | ++ | + | + |
| | *Zweet Hallschent September* | ++ | ++ | + | ++ | + |
| | *Keen* | ++ | + | ++ | ++ | -- |
| | *Zweet Hallschent Juni a September* | + | + | + | + | ++ |

*Notiz.* "--" = immens negativ; "-" = negativ; "+" = positiv; "++" = immens positiv.

Wéi uewe beschriwwe ginn et verschidde Méizäitpunkter an der naturschounender Fleeg vu Wisen, déi d'Wëllplanzen- an d'Insektepopulatiounen op verschidde Manéiere fërderen. D'Recommandatioun ass, dass een op enger Wiss verschidde Méizäitpunkter applizéiert a jee no Méiglechkeet d'Méizäitpunkter op den Deelfächen och iwwert d'Joren änneren.

**Méimethod.** Wéi uewen ugedeit ass d'Méimethod och e wichtege Faktor. Bei de wuel gängegste Méimaschinnen am Privatberäich, déi sougenannt Mulcher (d.h. Sichelmulcher, och "Mulchrasenmäher" genannt, a Schlegelmulcher) ginn déi meescht Insekten, déi sech an der Fuerspuer befannen, ugesaugt a futti gemaach. Fir dësem Effekt entgéintzewierken, kann een d'Schnëtthéicht op de Maximum astellen (oder sou wäit vergréissere, wéi d'Notzung et zouléisst). Méi insekteschounend Méigeschier sinn zum Beispill e "Balkenmäher", e "Freischneider" mat "Dreiecksmesser"- oder "Kreuzschere"-Opsaz oder eng Séissel.



*Beschreiwung: Balkenmäher am Asaz.*

Dëst Geschier saugt d'Insekten an der Fuerspuer manner bis guer net un, häckselt bei richteger Notzung de Gréngschnëtt net a gëtt den Insekten doduerch eng méi grouss Chance z'iwwerliewen. Obwuel d'Insekten duerch de "Freischneider" mat Fuedemopsaz och net ugesaugt ginn, schneit en d'Planzen net propper of. Dëst féiert dozou, dass se méi laang Zäit brauche fir sech z'erhuelen, wouduerch d'Ofstänn tëscht déi Bléiperiode sech verlängere kann.

**Wëllblummen abréngen.** Well a verschiddene Wisen duerch déi méi intensiv Fleeg vun de leschte Joren net vill Wëllblummen a -planze wuessen a keng grouss Diversitéit herrscht, ass et heiansdo sënnvoll, Wëllblummen anzebréngen. Dëst kann duerch d'Ofdroe vum Gras an dem Ausséine vu Wëllblummewisesom geschéien. Dofir ass et wichteg, ugepasste Somemëschungen ze notzen.

Zertifiziertes Wildpflanzensaatgut
Wëllplanzesom®
Lëtzebuerg
Betriebs-Nr. 221 001 – Kontrollstelle ABCERT

D'Mëschunge vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* kënne beim Naturpark Our (12, am Parc, L-9836 Housen) kaaft ginn (Méi Informatiounen: sicona.lu/projekte/saatgut/). De Som fir dës Mëschunge gëtt zu Lëtzebuerg vun Expert'en am Beräich vun eenheemesche Wëllblummen gesammelt an opbereet. Doduerch si Planzen, déi entstinn, un déi virherrschend Konditioune vun hirem neie Liewensraum, wéi de Buedem an d'Klima, ugepasst, an d'Insekte kënnen d'Polle verwäerten. Dëst ass net bei all de Somemëschungen de Fall, déi een uechtert d'Land ze kafe kritt. Bei gebittsfrieme Mëschunge besteet zum Beispill de Risiko, dass déi net-eenheemesch Planze sech ausbreeden an eis heemesch Planzenzesummesetzung veränneren.

Fir dass de Som aus de Mëschungen sech optimal entwéckele kann, misst de Buedem waasserduerchlässeg an éischter moer sinn. Fir dëst z'erreechen, kann een zum Beispill Sand ënnermëschen. Wëllblumme wuessen am beschten a sonneger Lag an ugeséint gëtt idealerweis am Fréijoer oder am Hierscht.



**Wat kann ech selwer maachen, fir mäi Bäitrag ze leeschten?** Dës Prinzippie kënne ganz einfach vu jidderengem ugewant ginn, fir e Bäitrag zum Schutz vun der Biodiversitéit ze leeschten. Fir dass de Gaart weiderhin am traditionelle Sënn "gefleegt" ausgesäit, kann een d'Ränner vum Gaart (z.B. eng Sträif vun 0,5 m) zur Terrass, zum Noper oder zur Strooss weiderhi wéi virdru méien.

E Piedchen an déi extensiv gefleegte Wiss ze méie kann och optesch interessant sinn. Wiem et ze vill ass, de Groussdeel vum Gaart extensiv ze fleegen, kann dës Fleeg och op méi kleng Deeler vum Gaart begrenzen. Sou kéint een zum Beispill eenzel "Wëllblummeninsele" wuesse loossen oder een anere passende Beräich dofir auswielen.

Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Et gëllt och ze bedenken, dass e Schnatt d'Planzen an Déieren ëmmer wesentlech stéiert. Well e reegelméissege Schnatt fir den Erhalt vum Liewensraum "Wiss" awer eng wichteg Fleegmethod ass, gëllt et déi negativ Konsequenzen esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren an insekten- a planzeschounend Schnëttzäitpunkter auszewielen.

Weider Informatioune fannt Dir op insekten.lu. Fir eng Berodung kënnt Dir och den Naturpark Our uruffen (+352 90 81 88 – 1).